


Programm 2015 Februar – Juli



DO 26. Februar, um **14h30**, kréie mir eng Visite guidée am **Nationale Fuerschungszenter fir Archeologie**, zu Bartreng (Létzebuerger Strooss, 241). Duerno kenne mir eis beim Oberweis an der Cité Concorde stärken. Beitrag : **5 €**
 Départ um **14h00** mam **Bus 7** (bei der Kierch) a bis Bartreng-Fleuri fueren.
 Mellt Iech w.e.g. sou séier wéi méiglech beim M.L.Brücks (31 99 36) oder T. Reuter (31 70 82) un.



FR 06. Mäerz, um **15h00**, huele mir um **Weltgebetstag** vun de Fraen an der Kierch zu Schieren deel. (cf. Marienland S. 8-10)
 Mellt Iech w.e.g. sou séier wéi méiglech beim A.Kieffer (31 67 37) oder D.Wirtz-Hess (31 66 15) un.



DË 10. Mäerz: **Kraïzwee** mam Dekanat West um **14.30 Auer** an eiser Kierch. Duerno **Generalversammlung vum Dekanat** am Centre Jean Paul II mat engem klengen Imbiss.
 Mellt Iech w.e.g. sou séier wéi méiglech beim A.Kieffer (31 67 37) oder A. Elter (31 98 56) un.



DË 17. Mäerz: fënnt an der **Schauwebuerg** eng **Konferenz** am Kader vun der Ausstellung „**Hymne à la beauté**“ zum Thema Broschtkriibs, déi vum 18.-25.03 am Centre Atert ze besichtegen ass. (D'Konferenz gëtt vun der Commission de la Santé de l'Égalité des Chances et des Sports organiséiert.)



DO 19. Mäerz gi mir an de Geschichtsmusée an der Stat d'Ausstellung "**Das Rote Kreuz in Luxembourg und in der Welt**" kucken, déi am Kader vum 100-jährege Bestoe vun der Croix Rouge zu Létzebuerg organiséiert ass.
 Départ: **13h40** mam **Bus 7** (bei der Kierch) Präis: **5 €**
 Mellt Iech w.e.g. sou séier wéi méiglech beim R.Blanc (31 05 45) oder beim A.Elter (31 98 56) un.



DO 30. Abrëll : **Generalversammlung** vun eiser Sektion (Invitatioun an der Beilag !)




SA 02. Mee: ACFL-Oktavmass um 10 Auer an der Kathedral.

Och dëst Joer ginn erëm engagéiert **Filmer** während der Oktavzeit am Ciné Utopia um Lampersbierg, dënschdes um 19 Auer gewisen

SO 10. Mee: Oktav-Schlussprossessioun um 15 Auer

MË 27. – SO 29. Mee: Wallfahrt op Kevelaer, organiséiert vum Erzbistum. Wien interesséiert ass, ka beim T.Reuternofroen.



DË 09. Juni: Ausfluch op d'Musel :



Zu **Réimech** am **Hôtel des Vignes** kréie mir dëse Menu zervéiert :

„Saladine de crevettes marinées aux aromates“, dueno e „Carré de veau braisé au four, parfumé à la sauge“, an als Dessert e „Panaché de glace et de sorbet et coulis de fruits rouges“.

Am Nomëttag gi mir zu **Schwéidsbengen** duerch de **Mediterrane Gaart** mat spannenden Erklärungen gefouert. Hei wuesse virun allem Planzen aus dem Mëttelmierraum an aus den Tropen. Dueno hu mir nach Zäit fir eng Promenade an eng Erfrëschung op der Esplanade zu Réimech. De Präis fir dëse flotten an ofwiesslungsräichen Dag ass **65 €**. Mellt Iech w.e.g. bis den **03.06** beim M.L.Brücks (31 99 36), A.Kieffer (31 67 37) oder beim T. Reuter (31 70 82) un.

DË 16. Juni fënnt d'Festversammlung vun der ACFL am Centre Atert statt :

Um 9 Auer treffe mir eis bei enger Taass Kaffi.

Dueno hält d'Prof.Dr. Christel Baltes-Löhr (Professorin op der Uni Lëtzebuerg) e Virtrag iwwer d'Evolutioun vun der Fra an eiser Gesellschaft. No engem musikaleschen Intermezzo gëtt e Mëttegiessen ugebueden (De Präis gëtt matgedeelt).



Am Juli gi mir an d'Salzgrott zu Jonglënster :

An engem ganz besonnesche „Wohlfühlstudio“ bei lueser Musik, a doucem Liicht läit Dir op engem bequeeme Ligestull bei 22 Grad. D'Aerosole vum Salz rengegen Äer Longen a wierke wéi eng Mini-Kur um Mier.



De Präis ass **13 €**, wa 5 Persounen matginn (eng 5er-Kaart kascht 65 €). Wann Dir interesséiert sitt, mellt Iech w.e.g. beim T. Reuter (31 70 82). Départ beim Centre Hamilius : Bus 111



Am **Juli** organiséiert d'ACFL e **Gaardefest** am Park vum Bëschofshaus (beim Konvikt an der Stat). Detailler ginn nach matgedeelt.